



Trëppel an de Wee

30. Abrëll 2022

Org. Ouljer Musek

Häerzlech wëllkomm op eisem kulinarischen Trëppeltour!

De Menü

- | | |
|--|--|
| 1. Statioun (Millen, Ouljen) | Amuse-Bouche mat engem Glas Meebowle |
| 2. Statioun (Centre Culturel, Ouljen) | Krupsege Saumon resp. Maisboulette mat engem Glas Pinot Blanc |
| 3. Statioun (Waasserbaséng) | Molbiersorbet mat Crémant |
| 4. Statioun (Centre sportif Ruedt-Syr) | Gulasch resp. Chili sin Carne mat Spätzlen an engem Patt Wäin oder Béier |
| 5. Statioun (Centre Culturel, Ouljen) | Dessertsbuffet, Kaffi & Drëpp |

Op all Statioun kritt Dir zousätzlech Gedrénks ze kafen.



De Wee

Vun der Mille fort geet et uewen op der Strooss riets iwwert d'Bréck an d'Eisebunn fir da riets op de Flouerwee anzebéien.

Op der nächster Kräizung geet et riets Richtung „Ouljen Center“ laanscht dat Gebai mat dem héijen Tuerm. Dann nach just iwwert d'Strooss an de Centre Culturel, wou lech d'Entrée servéiert gëtt.

No der klenger Stärkung geet et riets weider iwwert d'Rueder Strooss, biergop Richtung Rued. Uewen op der Kopp geet et riets op de Flouerwee laanscht de Bauerenhaff wou dir d'Vue op de Widdebierg genéisse kënnt. Op der nächster Kräizung geet et lénks, kuerz awer hefteg de Bierg erop. Wann dir dann de Waasserbaséng gesitt, hutt der et bal gepackt. Hei waart eng lecker Erfrëschung op lech.

No der klenger Ofkillung geet et weider de Bierg erof, laanscht d'Haiser bis op d'Kräizung. Amplaz riets erop an de Bësch ze gon, geet et no lénks de Bierg erof. Gläich drop gitt der riets an d'Cité eran (rue A Millesch).

Dir trëppelt riicht aus, bis ganz hannen hin an dann no lénks. Tëschent dem Haus 65 an 63 geet et de schmuele Wee mat den Trapen erop. Uewen ukomm féiert de Wee net bei de Kierfecht, mee no lénks bis dir hannert dem Haus N°3 duerch déi gréng Paart op de

Schoulcampus gitt. De Wee geet riets laanscht déi verschidde Schoulgebaier. No en etlechen Kllassesäll a Gebaier kommt dir beim Schoulgaart un. Hei gesi mir scho lénks ennen d'Sportshal a sichen eis ee vun de Weeër, déi eis direkt bei den Haaptplat bréngen.

Gudd gestärkt geet et elo op die leschten Etapp, laanscht d'Schoul an de Syrkus a Richtung Kierch. An der Ouljer Strooss gi mir no lénks Richtung Ouljen..

No e puer honnert Meter, hannert dem Haus N°14 « Lewescht Bowéngs » geet et Richtung Chantier erof op d'Gare. Virun der Gare gi mir noutgedrongen no lénks iwwert de Parking, laanscht dat blot Gebai (DELUX) a laanscht de Waasserkomp.

Hei geet et da riets weider, duerch den Tunnel ënnert der Eisebunn erduerch, laanscht déi fläisseg Handwierksleit, fir dann kuerz virun der Haaptstrooss lénks an de Flouerwee (Zillerei) anzebéien. Lo geet et nees zrëck op Ouljen.

No engem gudde Strapp kommt dir op déi Kräizung, déi dir scho kennt. Hei geet et dann nees no lénks iwwert d'Eisebunn fir dann dat Gebai mam héijen Tuerm *by night* ze bewonneren. Schlussendlech si dir nees am Centre Culturel wou den Dessert, de Kaffi an e gudden Digestif aus lokaler Produktioun op iech waarden.

P.S. Den nächsten Sonndeg ass Blummemaart hei zu Ouljen

Bei all Statioun fannt Dir Toiletten!

Ënnerwee

Mir bieten lech folgend Reegelen ënnerwee ze respektéieren :

- Ëmmer um Wee bleiwen
- Den Dreck geet mat an déi nächst Dreckschëscht
- De Kaméidi a Grenzen halen
- Kee Feier ënnerwee maachen
- D'Hënn mussen un der Léngt bleiwen
- D'Natur respektéieren an näischt futti maachen



Sollt Dir ënnerwee iergend ee Problem hunn, rufft um Tourtelefon un:



621 240 928

(Steve Elcheroth)

